# Den Zoppekach.

(De Will an de Mill kommen als Zoppekach verklêt, dén ê mat enger lânger Schmir, dén anere mat engem decke Steck Kuch eran.)

*Mill:* A we' schmâcht et dann, Will?

*Will:* Ma, Donnerknippchen, ausgezéchent! Kuck meng Bâcken! (Helt e Maufel.)

*Mill:* Ech mèngen eso', du bass dengem Bauch kê Schèllem. Du gês och hêmlech an de Schaf mausen?

*Will:* Ech? Mausen? Dat gléft de Pètter net! Ech hun de' Bâcken net vum Iessen!

*Mill:* Huos de se da vum Leien?

*Will:* Du muss mech gutt verstoe, Mill, du mèngs secher, ech ge'f Ke'p Flêsch so' — —! verdilgen?

*Mill:* Maccaronien a Nudelen?

*Will:* Ja! Mais awer och nach aner Sâchen!

*Mill:* Kê Flêsch, nên, mais Bifftècker a Côteletten?

*Will:* Da lauschter mech gutt:

*Mill:* Ech lauschteren.

*Will:* Meng Mamm frét mech emmer wat mer kache sollen.

*Mill:* Meng net. Helefst du da kachen?

*Will:* Ma natirlech! Du da net?

*Mill:* Da ging et dacks anescht an onsem Haus, wann ech iwert d'Kachen èppes ze soen hätt. Flêsch!

*Will:* Mat dengem Flêsch! Geme's soen ech!

*Mill:* Ah du kachs d'Geme's?

*Will:* Ech brengen d'Holz erbei, blosen an d'Feier a kucke wat am Döppen ass!

*Mill:* Ah! so' kachen ech och!

*Will:* Obé, um Flêsch leît mir neischt!

*Mill:* Ei! Flêsch! d'Sâft lêft mer am Mond zesummen! Jong, ech war eng Ke'er hémlech un d'Saucisse gâng! O Jong! Ech kann net soe wat du go'f!

*Will:* D'Saucisse ka mir gestuol gin. Mais, Wurzelen! Ha, do le'ert ê peifen!

*Mill:* A get ên domm!

*Will:* Awer sche'n!

*Mill:* Nê, vun der Zopp get ê sche'n!

*Will:* Mais, wo' ass do d'Flêsch dann?

*Mill:* Brauch dir kê Flêsch fir Zopp ze mâchen? Dir wèrd wuol de Biésemstronk am Döppen hâcken?

*Will:* Mir mâche Gekreiderzoppen, meng Mamm an ech!

*Mill:* So' Schluppen! Ons Ke'h kre'en dèr!

*Will:* Ma so emol, ons Kâtze friésse Meis, dat ass Flêsch, soen sie! Du huos kèng Ahnong wat eng delikat Gekreiderzopp mat: Wurzelen, Ribben, Porretten, Gromperen, Kabes a. s. v. èppes Extraes ass, wann d'Rahm dra kent. Ei, dé gudde gekreiderege Goût! An dat ass gesond! Dat get kê Blinddarm a kèng Moschwieren, mais eng sche' ro't Farv a stârkt rèngt Blutt! Mecht deng Mamm da kèng eso' Zoppen?

*Mill:* Onst Liss huot och eso' e Gemech mat dém Gras. Dat esst de Saueramper aus dem Gârt an ass mat de Porretten emmer hannert der Mamm. Ech hun en alt hémlech d'Porretten aus dem Gârt gerass.

*Will:* A we' kanns du awer eso' èppes mâchen! Porretten erausrappen, dat bèscht wat mer hun! Porrettenzopp?

*Mill:* Nên!

*Will:* Porrettenzapp mat Gequèlter?

*Mill:* Nên!

*Will:* Porretten an der Britt?

*Mill:* Nên!

*Will:* Porretten als Spargelen?

*Mill:* Nên! A wat ass dann dat fir e Miwel?

*Will:* Do hu mer et jo! Du kènns jo neischt an du mèngs et ge'f weider neischt op der Welt we' Könnbäck a Mo'streipen! Meija, d'Mo's-treipen, mâch der emol o'ne' Mo's!

*Mill:* Kent Mo's an d'Treipen? Glêf dat net!

*Will:* Ma du Schwoß, du kènns jo neischt vun der Kächerei. Sét dén, 't ke'm kê Mo's an d'Treipen. Wat dêt deng Mamm dann dran?

*Mill:* Ma Kabes!

*Will:* Haha! Ass Kabes kê Mo's?

*Mill:* Ma nên!

*Will:* Speck a Schwengeflêsch.

*Mill:* Wêss du wat: Mâch du mol Treipe mat lauter Mo's.

*Will:* Gewess! Gewess! Mais Flêsch elèng ass och neischt.

*Mill:* Gef du mir Flêsch a Bro't, an dén anere Rèscht kann all verbrannt gin a verdréchnen.

*Will:* D'Bro't huolen ech der och nach, dat zielt och zo' de Planzen.

*Mill:* Huol mer alles a streck mer den Hals zo'!

*Will:* Nê, mei Jong! Kuck, wann ech et könnt mâchen, du ge'fs emol gemäscht. Haut: Poulet, Jud, Bifftèck a Coteletten. Iwermar: Bifftèck, Coteletten, Ham a Jud! Emmerzo'!

*Mill:* Ei!

*Will:* Wêss du wat dir ge'f gesche'hen? E Schlag kriss de no engem Johr!

*Mill:* O', o' o'!

*Will:* Ma gewess, vill Flêsch ass net gesond! All Dokter sét et. Kuck emol d'Trapisten, de' iésse johraus, johran kê Maufel Flêsch a sin am Fong gesond.

*Mill:* Mais dat Geme's ass eso fad.

*Will:* Ass d'Zalot fad? Meng Mamm an ech mir mâchen emmerzo' 10 Zorten Zalot am Fre'johr, Summer, Hierscht, Wanter. O'ne' Zalot könnt ech net liewen.

*Mill:* Iésst der d'Gromperen dann och gèr?

*Will:* Ei, Jong, Fritten! Je' égal we' se sin.

*Mill:* Soll ech der soen wat dat bèscht un de Gromperen ass? —

*Will:* Ja?

*Mill:* D'Gre'wen de' drop sin!

*Will:* Speckhännes, an du ges nach net fett. Kanner sollen iwerhapt kê Flêsch iéssen. Bro't, Möllech a Geme's.

*Mill:* Meija, Möllech, dat ass dach me' Flêsch we' Geme's, si kent dach vum Flêsch!

*Will:* Wo'vu kent se? Vun Hé a Grum a Gras a Blumme kent se.

*Mill:* Du bass nun op d'Grings versiess we' eng Gês un de' jong Schötz!

*Will:* Ei, Mill, du huos kèng Ahnong wat dat schmâcht, wann de' jong Wirzelcher an Ierzecher kommen. Mei Papp sét alt: Donnerlieweg, dat ass gutt! — An de' nei Gromperen! Da kre'e mir emmer Streit fir de' lèscht! — Bo'neschlupp! Jong, Kömp voll! Je, de' ass zevill gutt. — An dann den Dessert! Get ên ênzegen Dessert aus

Flêsch? Ei, Erdbiren a Kre'schelen, Praumen a Kîschten, alles aus dem Gârt, ennert der Sonn gewuos, ma so emol, ass dann dat net gutt?

*Mill:* Jo, do sin ech mat.

*Will:* Gelt! O wär ech Kach an èrem Haus!

*Mill:* Dann häss du nach net me' ze soe we' ech!

*Will:* Vill Geme's! Vill Frîchten! All Dag èppes anescht! Dat ass gesond! So denger Mamm dat. An durfir e Gârt mat villerlé dran a gutt an der Reih, dat ass sche'n a gutt beim Haus.

*Mill:* Wann der emol eng Ke'er èppes ganz Guddes gekacht huot, brengst du emol eng Täsch voll mat an d'Scho'l fir ze schmâchen!

*Will:* Wat huot dén eng Ahnong vum Zoppekachen! Gês-de goen!

